ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Konsumenteschutz, un d'Madamm Ëmweltminister an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Wéi et aus wëssenschaftleche Kreesser heescht, goufen an de leschte Jore grouss Fortschrëtter erziilt, wat d'Hierstelle vu kënschtlechem Fleesch ugeet. Dëst Fleesch kann am Labo duerch Gewebezüchtung hiergestallt ginn. Renomméiert Fuerscher aus dem Bio-, Ethik- a Wirtschaftsberäich ginn dovun aus, datt des Manéier, Fleesch ze produzéieren, de Weltmarché revolutionéiere wäert. Dat kënschtlecht Fleesch soll an noer Zäit eng méi präisgënschteg Alternativ zum konventionelle Fleesch duerstellen. Et ass an deem Kontext selbstverständlech, datt dëst e grousse Konkurrenzdrock fir d'Produzente vu natierlechem Fleesch mat sech bréngt. Gewosst ass awer och, datt z.B. Lëtzebuerg ronn 50 Prozent Dauergrénglan d besëtzt, wat vu Wiederkäuer muss beaarbecht ginn, fir esou och de Landschafts- an Naturschutz sécherzestellen an eng Versteppung vum Land ze verhënneren.

An deem Kontext géife mir der Regierung gär des Froe stellen:

1. Ass d'Regierung sech den Entwécklungen am Beräich vu kënschtlech hiergestalltem Fleesch bewosst? Wa jo, wéi eng Schlussfolgerungen – déi Lëtzebuerger Landwirtschaft betreffend – zitt eis Regierung aus dësen Entwécklungen?
2. Wéi eng Positioun huet d'Regierung allgemeng zum kënschtlech hiergestallte Fleesch? Ass d'Regierung sech bewosst, datt dës Entwécklung grav Konsequenzen am Hibléck op eis Bauere kéint hunn, déi d'Fleesch ënnert konventionelle Bedéngungen hierstellen? Wéi gedenkt d'Regierung, dës negativ Konsequenze fir eis Baueren ofzefiederen?
3. Ass sech d'Regierung der Wichtegkeet bewosst, déi d'Wiederkäuer fir d'Erhale vum Dauergrénglan d zu Lëtzebuerg hunn? Wéi kéint an den Ae vun der Regierung dëst Dauergrénglan d weider erhalen a bewirtschaft ginn, wann sech an Zukunft de Véibestand reduzéiere sollt, wann an Zukunft ëmmer méi op kënschtlech Fleesch zeréckgegraff gëtt?

4. Gedenkt d'Regierung e Masterplang auszeschaffen, fir d'Entwécklungen, déi sech mam Aféiere vu kënschtlechem Fleesch erginn, genee ze analyséieren an, wann néideg, aktiv ze ginn, respektiv, ze legiferéieren, fir esou d'Erhale vum Dauergréngland an d'Ofséchere vun der Existenz vu ganz ville Baueren ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten